piraten.lu

N° 3943
Entrée le 20.04.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.04.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.**

De Luxembourg Film Fund (Fonds national de soutien à la production audiovisuelle) gëtt zënter Joren mat héije Montante vu Steiergelder finanzéiert a soll och an de kommende véier Joer ronn 180 Milliounen Euro aus dem Staatsbudget kréien.

Aus de Joresrapporte vum Filmfong geet ervir, datt d'finanziell Hëllefen zum groussen Deel un eng kleng Unzuel u Produktiounsfirme fléissen. Dat selwecht bestätegt d'Äntwert op meng vireg parlamentaresch Fro n°3401.

An der Änwert op meng Fro n°3661 erkläert de Minister, dass hie keng Kenntnisser huet, ob Produktiounsfirmen, déi engem selwechten Bénéficiaire effectif gehéieren, e puer Mol vum Filmfong subventionnéiert ginn.

An der Äntwert op meng Fro n°3750 huet de Minister vun engem Tableau geschwat. Dësen ass awer net am Annexe ze fannen: https://wdocs-pub.chd.lu/docs/exped/2026/04/QP_62932_1776350751166.pdf

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Ass de Minister dorunner interesséiert ze wëssen, ob et Produktiounsfirmen gëtt, déi dem selwechten Bénéficiaire effectif gehéieren? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés